## RÉCKBLÉCK WËLLE WESTEN

# WEEKEND VUM WËLLE WESTEN 2025













**Den 29. Juni war et erëm esou wäit! De Service Tourisme an de Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden hunn op hiert touristescht Fest fir Grouss a Kleng invitéiert.**

Dëst Joer huet de Weekend vum Wëlle Westen op der Biekerecher Kulturmillen stattfonnt. Begleet vun der Musiksschoul Kanton Réiden, ënnert der Moderatioun vum Christian Schmit, a mat Ënnerstëtzung vun der Kulturmillen gouf de Weekend vu sëllege Politiker*innen an Éieregäscht ageleet.

Fir Animatioun, Iessen & Gedrénks a Spill & Spaass war iwwert de ganze Sonndeg gesuergt. D'Visiteuren haten d'Méiglechkeet fir d'Stänn aus der Regioun ze bewonneren a bei gratis Aktivitéite matzemaachen. Vun Inteféschen, Facepainting, Karussell, Potty Lotty, Kraider erëmfannen bis hin zum Schiferatelier oder Sprangseeler selwer dréinen; eng gutt Zäit fir déi ganz Famill war garantéiert! Niewebäi war natierlech och fir musekalesch Begleedung gesuergt mat Hëllef vun Djembé, Gans' Anders an Hunneg-Strëpp.

De Service Tourisme an de Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden soen all den touristesche Partner a Veräiner e grousse Merci, déi zum Succès vun dësem Event bäigedroen hunn! Vu datt de Weekend vum Wëlle Westen all Joer op engem aneren touristesche Site stattfënnt, rode mir Iech un: stay tuned!













© Caroline Roemen










© Caroline Roemen

**Le 29 juin, le Service Tourisme et le Service Vivre Ensemble du Kanton Réiden avaient invité petits et grands à leur fête touristique. Cette année, le Weekend vum Wëlle Westen s'est déroulé à la Kulturmillen à Beckerich.**

*L'événement a été officiellement inauguré avec la participation de la « Musiksschoul Kanton Réiden », sous la modération de Christian Schmit, et avec le soutien de la Kulturmillen. De nombreux responsables politiques et invités d'honneur étaient présents pour marquer cette occasion spéciale.*

*Les visiteurs ont eu le plaisir de profiter d'une multitude de divertissements, de délicieuses spécialités culinaires multiculturelles, de boissons rafraîchissantes, de jeux et d'activités tout au long de la journée. Du jeu de pêche aux canards au face-painting, en passant par le carrousel, Potty Lotty, l'atelier d'ardoise ou encore la fabrication de cordes à sauter : tout était réuni pour passer un bon moment !*

*Les performances musicales du djembé, de Gans'Anders et de Huneg-Strëpp ont offert une ambiance festive tout au long de la journée. Le Service Tourisme et le Service Vivre Ensemble du Kanton Réiden tiennent à exprimer leur profonde gratitude envers tous les partenaires touristiques et tous ceux qui ont contribué à la réussite de cet événement. Comme le « Weekend vum Wëlle Westen » se déroule chaque année à un nouvel endroit touristique, nous vous invitons à rester informés pour découvrir la destination de l'année prochaine !*

KANTON RÉIDEN
VIVRE ENSEMBLE

KANTON RÉIDEN
TOURISME

Kanton Réiden
Service Tourisme
1, Am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45 10
tourisme@kanton-reiden.lu
visitwellewesten.lu